Eis Finanzplaz an d'Corona-Kris

Vum Nicolas Mackel *

De Covid-19 Virus deet eis alleguer zanter gudd néng Meint ze schaafen. Natirlech huet hien an éischter Linn eng Gesondheetskris ausgeléist, wéi mir se nach ni kannt hunn a géint déi eise Gesondheetssystem am Moment schwéier ze kämpfen huet. D'Restriktiounen, déi néideg si géint d'Verbreede vum Virus hunn dann natierlech och Konsequenzen op eis Entreprisen. Dat trëfft eis Luxair, de Commerce, Restauranten, Hotelle wéi och Betriber aus alle Secteuren.

De Finanzsecteur gëtt do oft gesi wéi eng Ausnam. Et ass richteg, dass zanter dem éischte Confinement ganz vill vun der Aarbecht vun engem groussen Deel vun den iwwer 50 000 Beschäftegten vun der Finanzindustrie zu Lëtzebuerg ka vun doheem aus gemach ginn. An deem Sënn ass de Finanzsecteur sécher an enger vill besserer Positioun wéi sou munch anere Secteur. Hien ass awer sécher och net immun géint d'wirtschaftlech Konsequenze vun der Coronakris.

Mir kënnen alleguer frou sinn, dass d'Finanzindustrie hir Aarbecht konnt weider maachen, well dat huet hier erlaabt, hir Roll als Motor vun eiser Wirtschaft weider z'erfëllen. Zanter März schaffen eis Banken drun, fir de Betriber, mee och de Leit, ze hëllefen, d'Remboursementer vun de Prêten no hannen ze staffelen, dass si méi Sputt hunn. Si hëllefen och de Betriber, an deem si nei Prête ginn an do als Kanal fir d'Staatsgarantien déngen. Natierlech kënnen an däerfe si net all Betrib hëllefen, well eng Rei sinn einfach net iwwerliewensfäheg. Och eis Assurancen hunn riicht duerch d'Kris de Leit an de Betriber weider gehollef, an deem si eventuell Sinistere weider ofgewéckelt hunn an nei Risiken ofgeséchert hunn. Eis Fongen hunn europa- a weltwäit dofir gesuergt, dass d'Aktivitéiten an d'Projete vu groussen an manner grousse Betriber weider finanzéiert ginn.

De Facteur vum zäitlechen Decalage

Mee den Télétravail huet och seng Limitten. Och wann déi modern Technologie et erlaabt huet, dass den Haaptsecteur vun eiser Wirtschaft vun enger Woch op déi aner vun doheem aus geschafft huet, esou mierkt een dach awer, dass dat bal nëmme fir lafend Aktivitéite geet a wierklech net ubruecht ass fir nei Clienten ze fannen. D'Acteure vun der Plaz sinn unanime, dass et ganz schwéier ass, fir Prospektioun no neie Clienten an Investoren ze maachen, wann een se net ka physesch begéinen. Dat u sech ass eng schlecht Nouvelle, well et heescht, dass d'Affären an den nächste Méint riskéieren erof ze goen.

Den Haaptimpakt op d'Finanzindustrie wäert awer souwisou eréischt mat engem gewëssen zäitlechen Décalage par rapport zu aanere Wirtschaftsecteure kommen.

D'Europaesch Kommission schätzt, dass et 2020 an der EU zu engem wirtschaftlechen Abroch vu ronn 7,4 Prozent kënnt. Déi éischt Hallschent vum Joer hu mir esouguer ee méi groussen Abroch vun eisen Economië gesinn, ewéi dat an der grousser Rezessioun vun den 30er Joeren de Fall wor. Och wa Lëtzebuerg besser do steet ewei aner Länner mat „just" engem Minus vun 4,5 Prozent fir 2020, esou ass dat awer enorm an iwwertrëfft och domat d'Verloschter vum Joer 2009. Dësen economeschen Abroch heescht ganz einfach, dass manner Souen ausgi gi sinn, domat ass manner verkaf ginn an dann och manner produzéiert ginn. Eis ganz Wirtschaftsketten ass dovu betraff, och de Finanzement vun der Wirtschaft.



Och wa Lëtzebuerg weltwäit d'Nummer zwee an der Fongenindustrie ass, ass d'Land net immun géint eng Kris am Finanzsecteur. Illustratioun: Gerry Huberty/LW-Archiv

Villsäiteg Interessen mussen erhale ginn

Wann eng Rei Betriber, duerch déi vill direkt Hëllefe vun der Regirung esouwuel wéi déi indirekt Hëllefe vun der Europäescher Zentralbank, wäerte kënnen duerch de Stuerm kommen, esou ass et éischter eng Fro vu Limitatioun vum Schued. Et wäerten och leider eng Rei Betriber et net packen oder nëmmen andeem si hir Käschte staark reduzéieren. Dëst heescht dann och, dass d'Betriber an d'Leit manner Souen hu fir auszeginn. Déi Betriber, déi op der Streck bleiwen, kënnen dann och net hir Prêten erëmbezuelen oder huelen op d'mannst emol keng nei Prêten op. D'Leit, déi se mussen entloossen, kréien dann och Schwieregkeeten, fir hir Prêten erëmzebezuelen. Mir mussen also alles dru leeën, fir dass de Schued sech esou vill wéi méiglech a Grenzen hält.

Well eng Bank dovu lieft, engem Betrib oder enger Privatpersoun Souen ze léinen, fir dass si domat hire Projet kënne finanzéieren, huet och si Intressi drun, dass de Betrib iwwerliewt an d'Privatpersoun hier Plaz behält. Well eng Assurance dovu lieft, de Betriber an de Privatpersounen hir Aktivitéiten ze versécheren, huet si Intressi drun, dass hire Client sech esou eng Ofsécherung weider leeschte kann. Well een Investmentfong dovu lieft, a Betriber z'investéieren, fir dass si hir economesch Aktivitéit kënne finanzéieren, huet de Fong Intressi drun, dass dës Aktivitéit weider leeft.

Wann et awer zu engem Abroch vun den Aktivitéiten kënnt an esouguer Betriber mussen d'Handduch geheien, da kréien och hir Bank, hir Assurance an de Fong, deen an dësem Betrib seng Aktien investéiert huet, dat fréier oder spéider ze spieren.

Eis Finanzplaz huet esouwuel eng national Dimensioun wéi eng international. Déi Finanzinstituter, déi um Lëtzebuerger Maart aktiv sinn, wäerte schonn den Impakt, deen des Kris op hir Clienten hei am Land huet, ze spiere kréien, a sief et nëmmen duerch d'Reduktioun vum Volume vun den Aktivitéiten. Genee ewéi den Autoshändler, dee spiert, wann d'Leit de Kaf vun engem neien Auto si loossen, spiert eng Bank, wann hir Clienten den Finanzement vun engem Projet op Äis leeën.

Nach méi grouss wäert den Impakt op dat internationaalt Geschäft sinn. Lëtzebuerg huet eng ganz oppe Wirtschaft, an dat ass eng ganz gutt Saach u sech, ouni déi mir net wäit géife lafen. Dofir wäerten mir awer och d'Wellen ze spieren kréien, déi d'Coronakris weltwäit schléit. Wann ee weltwäit d'Nummer zwee ass an der Fongenindustrie oder et huet ee grouss Banken, déi weltwäit groussen Entreprisen Soue léinen, dann ass een net immun géint esou eng Kris. Ee rezente Sondage, dee vu Luxembourg for Finance bei ronn 400 féirenden Leit vun eiser Finanzplaz duerchgefouert ginn ass, weist, dass d'Perspektiven éischter pessimistesch gesi gin.

Eis Finanzindustrie ass awer besser opgestallt wéi 2009 fir duerch esou ee Stuerm ze kommen, zum Beispill duerch eng relativ héich Kapitaliséierung vun de Banken, mee och duerch eng grouss Diversifikatioun vun der Finanzindustrie, esou wuel an den Aktivitéiten, wéi an der geografescher Hierkunft vun den Acteuren. Dat ass wichteg, well d'Finanzindustrie och ee ganz zentrale Rôle wäert hunn, wann et no der akuter Phase vun der Gesondheetskris ëm d'Relance geet a mir eis Wirtschaft erëm mussen un d'Rulle kréien.

Fir eng nohalteg Zukunft ze finanzéieren

Net nëmmen ass de regulatoresche Kader vun der europäescher Finanzindustrie an deene leschten zéng Joer vill gestäerkt ginn, mee mir hunn hir och eng nei Richtung ginn, andeem mir si vill méi op d'Nohaltegkeet konzentréieren. Mir gesi schons haut, wéi eng wichteg Roll si huet, fir eis z'erlaben, eng nohalteg Zukunft ze finanzéieren. Op eiser Bourse sinn dëst Joer méi sozial Emprunte gelëscht gi wéi där Grénger. Wann ee bedenkt, dass si weltwäit d'Nummer eent ass am Leeschte vu gréngen Emprunten, da versteet een, dass de Succès vu sozialer Finanz ee wichtege Phänomen ass.

Et ass wuel sécher nach ze fréi fir ze wessen, wéi d'Coronakris wäert weider verlaafen, mee et ass net ze fréi fir ze wëssen, wéi d'Zukunft soll ausgesinn a wéi mir si finanzéiere wëllen. Dofir brauche mir och eis Finanzplaz. D'Finanzindustrie brauch eng gutt Wirtschaft an eng gutt Wirtschaft brauch d'Finanzindustrie. De Staat lieft och zu engem ganz gudden Deel vun de Steieren. déi d'Finanzindustrie him abréngt an déi him hellefen, sech haut déi néideg Mëttelen ze ginn, fir eis all duerch dës Kris ze bréngen, sief dat fir eise Gesondheetssystem oder d'Hëllefen un d'Betriber.

Mir zéien an dëser Kris alleguer un deem selwechten Strang.

Wann et zu engem Abroch vun den Aktivitéite kënnt a Betriber mussen d'Handduch geheien, da kréien och hir Bank an hir Assurance dat fréier oder spéider ze spieren.

---

* Den Auteur ass Generaldirekter vun Luxembourg for Finance, d'Entwécklungsagence vun der Finanzplaz.